



dee ganze Curriculum, souwuel d'Grondausbildung, d'Fachwëssen, d'Pädagogik vum Fach an herno déi praktesch Virbereedung an der Pädagogie zesummen awer dozou féieren, datt d'Léierpersonal ouni Wëssenslacunne ka seng Funktiounen do ausfëllen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Et kéint ee laang iwwer Lacunne schwätze vun engersäits den Enseignanten, anerersäits de Schülerinnen a Schüler. Dat ass eng Diskussioun, déi net nei ass. Ech mengen, virun 20, 30, 40, 50 Joer gouf ëmmer gesot: „Hautzudaags ass alles méi schlecht! D'Leit sinn ëmmer manner qualifizéiert.“

Dat ass eng laang Diskussioun. A mengem Geschichtsstudium, kann ech mech erënneren, do hat ech al mesopotamesch Geschicht geholl, a mir hunn eng Plakett a Kailschrëft analyséiert, wou e Mann am drëtte Jortausend viru Christus op Toun geschriwwen huet, d'Jugend vun haut, déi wier katastrofal, si géif de Gëtter net méi huldeg. Si géif sech nëmme nach fir Päerdscurssen interesséieren - dat war d'Formule 1 deemools - ...

**(Hilarité)**

... an nëmme Béier drénken. Dat war schonn deemools in. An d'Zivilisatioun géif ënnergoen. Déi Zivilisatioun huet nach eng gewëssen Zäit gedauert.

Mee, niewebäi ...

**(Interruptions)**

Dat huet de Proff eis gesot, dee sot eis: „Erzielt dat eng Kéier, wann der en Här oder eng Madamm héiert soen: ‚Passt op! D'Jugend vun haut, aus där gött näischt méi!‘“

Mee natierlech, wann een elo haut kuckt, ...

**(Interruption)**

... wien och an de Secondaire ka goe par rapport zu fréieren Zäiten: De Secondaire huet sech opgemaach fir aner Bevëlkerungsschichten, dee virdru vill méi reservéiert war fir Leit aus dem Bildungsbürgertum, Kanner aus dem Bildungsbürgertum, déi natierlech schonn e gewëssene Privileeg haten an d'Schoul konnten, an engem gewëssene Format, och vill besser matmaachen.

Ech mengen, de Problem ass jo och deen - ech äntwerten e bëssen op dat, wat mäi Virriedner gesot huet -: Natierlech muss en Enseignant am Secondaire säi Fach maîtresieren. Mee e Fach maîtresieren ass eng Saach. Capabel sinn, esou e Fach och nach weiderzeverméttelen, ass eng aner Saach, an eng ganz aner. Et kann een e Fach ganz gutt maîtresieren an incapabel sinn, fir dat weiderzeverméttelen.

A mir mengen och hei, hautzudaags ass de Problem net onbedéngt deen, datt d'Enseignanten déi Formation net onbedéngt hätten, fir kënnen hiert Fach weiderzeverméttelen an der Schoul, mee et ass och eng Fro vu Mëttele, déi d'Enseignanten hunn an déi d'ëffentlech Schoul iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg huet. Dat deet natierlech de Kader vun dëser Debatt explodéieren.

Mir wäerten deen heite Projet de loi matdroen, well mer der Meinung sinn, datt en awer enger gewëssener Urgence entsprécht. Mir sinn eis awer natierlech och bewosst, datt een déi ganz Diskussioun iwwert de Stage vun den Enseignanten muss weiderféieren, well do gött et nach ganz, ganz vill Nachholbedarf. A mir wësse jo och, datt et net vun näischt kënn, datt vill Enseignanten, zemoos vun deene méi jéngere Generatiounen, och soen, datt de Beruff ëmmer méi ustrengend gött. An en ass et och. En ass et och objektiv ginn. Et ass keen einfache Beruff hautzudaags. An och déi Periode, déi Formatiounsperiode, mécht d'Saach och net méi einfach. Mee ech mengen, dat ass nach eng Diskussioun, déi mer weider wäerte féieren.

Voilà. Mee dovunner ofgesinn, mir stëmmen dat heite mat.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmoos, Här Wagner. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och e grouse Merci nach eng Kéier un de Gilles Baum, deen eis, d'selwecht wéi d'lescht Woch,

hei duerch den Educationsmarathon guidéiert an eis an déi eenzel Matière ganz gutt a kompetent aféiert.

Ech wëll vläicht just e puer Remarken hei nach zu deem maachen, wat gesot ginn ass. Et hat een e bëssen d'Impressioun, den IFEN, dee wär zougewiescht während där ganzer Kris. Dat ass net de Fall.

Den IFEN war ganz aktiv. E war op Distanz eeben aktiv par rapport zu senge Clienten, an dat sinn d'Enseignanten. E war esou aktiv, datt en ëmmerhin 300 Formation-continuen ugebueden huet, eeben op Distanz, mat 8.000 Inscriptiounen während där doter Phas. Ganz dacks natierlech Formation-continuen, déi grad elo gepasst hunn, déi grad am Digitalen eeben do thematiséiert waren, fir den Enseignanten doheem kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen an eeben ze kucken, wéi se och elo à distance kënnen hir Schülerinnen a Schüler esou gutt wéi méiglech encadréieren.

Dat wat natierlech gefeelt huet, dat war d'Méiglechkeet, an d'Schoul ze goen, als Stagiäre an d'Schoul ze goen. Dat war eeben den Échange entre pairs, dat war d'Hospitalioun. A ganz einfach, well d'Schoul laang zou war. A well d'Schoul eebe momentan och nach ënner anere sanitäre Bedéngunge fonctionéiert. An et ass awer och, denken ech, hei elo dacks genuch gesot ginn an deene leschte Wochen an der Chamber: Mir wëssen, datt d'Enseignanten momentan och nach aner Saachen ze dinn haten an nach ze dinn hunn, an dëser exzeptioneller Situatioun. An duerfir hu mer eeben och dovunner ofgesinn, elo nach zousätzlech d'Obligatioun ze maachen, do Stagiairen ze empfänken, déi ze encadréieren, déi nokucken ze loossen an hinnen ze erklären, wat hir Methode sinn.

Mir haten einfach elo eng Prioritéit. An dat war de Covid-19 an dat war, d'Schüler erëm zrëck an d'Schoul ze kréien. An dat war, déi Lacunen, déi entstanen sinn, esou gutt wéi méiglech am Presenzunterrecht respektiv à distance kënnen ze combléieren.

Een anert Wuert vläicht zu de Quereinsteiger. Also, hei ass et e bëssen esou duergestallt ginn: „Wann déi elo keng Épreuves certificatives méi musse maachen, da kréie mer se guer net méi aus der Education“ eraus.“ Ech wëll hei just soen: Déi hunn alleguerten e Contrat à durée indéterminée! Hei geet et jo virun allem drëms, ob se duerno an eng Karriär als Fonctionnaire kënnen kommen; well si hunn alleguerten als Salarié e Statut à durée indéterminée. A si wäerten dann och iwwert déi nächst Joren - egal wéi, ob se déi Épreuve gepackt hätten oder net - kënnen enseignéieren. Datt een natierlech duerno iwwer aner Weeër, Formation continue an esou weider, kuckt, op eventuell Lacunen anzegoen, ass kloer, dat hätte mer souwisoos gemäach. Dat kënnen mer och elo maachen, wa bei enger formativer Épreuve dann do sech sollt erausstellen, datt dat eent oder dat anert vläicht awer net esou sëtzt.

Ech wëll och drop hiweisen, datt mer jo mat der Reform vum Stage en zousätzlech Joer och geschafen hunn, eng Année d'approfondissement. Wa mer also elo formativ Evaluatiounen hunn, wou een émgangsproochlech gesot „net kann duerchfalen“ doduerjer, mee eigentlech eng Informatioun kritt, wat da vläicht nach net esou perfekt ass, da kann ee sech jo och grad a senger Année d'approfondissement mat deene Matière beschäftigen an dat eebe verdéiwen. An duerfir, hei geet et jo grad dorëms an duerfir denken ech och, dass dat doten e gudder Wee ass, an dëser Noutsituatioun par rapport zu de Quereinsteiger ze reagéieren.

Wat mir och wichteg war, dat ass, datt mer déi Engagementer, déi mer geholl hu par rapport zu de Quereinsteiger, wat hire Parcours ubelaangt, och den zäitlechen Oflaf vun deem Parcours ubelaangt, kënnen anhalen. Dat trotz der Covidkris. Mir wäerten nämlech och déi nächst Joren op Quereinsteiger ugewise sinn. An do ass et eebe wichteg, datt dat, wat mer där Generatioun vu Quereinsteiger, déi elo bei eis komm sinn, versprach hunn, datt mer dat och kënnen anhalen. Well nëmmen da wäerten och déi nächst Joren d'Leit eis gleewen, hire Beruff opginn, hiren Engagement op enger anerer Plaz opginn, fir bei d'Éducation nationale ze kommen an eis do kënnen weiderzehëllefen.

Dat waren déi Prezisiounen, déi ech nach wollt ginn. Fir de Rescht wollt ech Iech alleguerten Merci soe fir déi Zoustëmmung respektiv déi Ennerstëtzung, déi Der dann op anere Manéieren hei zum Ausdrock bruecht hutt.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7604. Den Text steet am Document parlementaire 7604<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7604 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

**Appel nominal (votes par procuration)**

De Vott ass ofgeschloss. D'Resultat vum Vott ass: De Projet de loi ass mat 33 Jo-Stëmmen bei 24 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7604 est adopté par 35 voix pour et 25 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**4. 7579 - Projet de loi portant dérogation à la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental**

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7579 iwwert d'Léierpersonal an der Grondschoul. An nach eng Kéier ginn ech direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur**.- Merci, Här President. Esou wéi Der et gesot hutt, geet et effektiv hei ëm d'Astellung vun enger ganzer Rei Studente fir an eise Primärschoulen, am Fondamental, ze hëllefen. Ech erënneren nach eng Kéier kuerz un d'Opdeelung an d'Woch A an d'Grupp B mam Zil, d'Gruppen an de Klassen esou kleng ze hale wéi méiglech, fir de Virus anzedämmen. Doduerch ginn natierlech méi Personal a méi Raimlechkeete gebraucht. Ech mengen, mir hunn de Mëtte schonn driwwer geschwat, do brauch ech net nach eng Kéier an den Detail ze goen. Et geet awer och drëm, fir Léierpersonal, dat vulnerabel ass, ze ersetzen.

Am Ganze goufen, an dat no Ofsprouch mat de Studentenorganisatiounen, 1.012 Persounen rekrutéiert fir auszehëllefen. Och op den Unien an op den Héichschoulen am Ausland si während der Kris Coursen ausgefall respektiv ass viles online ugebuede ginn, soudass vill Lëtzebuurger Studenten zu dësem Moment och nach am Land sinn.

Ze notéieren ass, dass dës Studenten, déi 1.012, duerch déi zwielef Direktiounen (veullez lire: déi 15 Direktiounen) an déi 105 Gemenge verdeelt gi sinn.

**(Interruption par M. Gilles Roth)**

Pardon! Hunn ech gesot 105? Ech entschëllege mech! Merci, Här Roth, fir d'Rektifikatioun!

Vun deene Studenten hunn der 827 eng Première, 126 hunn e Bachelor an 59 hunn e Master. An ech mengen, et ass onnéideg ze ënnersträichen, dass alleguerten déi Jongen a Meechercher, déi jo op der Uni.lu d'Formatioun maachen, fir de Bachelor ze kréien, och um Terrain engagéiert sinn.

Dëst Gesetz derogéiert an engem Punkt zum Schoulgesetz vun 2009, an zwar an deem Sënn, dass Leit kënnen agestellt ginn, déi dee Brevet fir ersetzen ze goen net hunn, einfach fir där grousser Demande u Personal nozekommen tëschent dem 25. Mee an dem 15. Juli.

Ech ënnersträichen elo nach eng Kéier ganz kloer an dättelech, dass alleguerten déi Leit eng Première hunn, mat Ausnam natierlech vun de Chargé-de-coursen, déi scho virun 2009 beim Staat agestellt waren an elo an der Réserve des suppléants sinn.

D'Kontrakter lafen iwwer zwee Méint, och wann d'Gesetz bis de 14. September leeft. An domat soll séchergestallt ginn - an dat ass dat jo, wat mir d'lescht Woch hei an enger Motioun festgehalen hunn, wat mir zesumme gestëmmt hunn -, dass och kann op Leit zrëckgegraff ginn, fir de Kanner op d'Spréng ze hëllefen, déi dat virun der Rentrée géife brauchen.

Dëst Gesetz huet e puer Ronne gedréint beim Staatsrot, well de Staatsrot gären am Gesetz gesinn hätt, wivill déi Leit verdéngen, an och wéinst enger Rei textuelle Prezisiounen, deene mer nokomm sinn.

D'Remuneratioun als also opgelëscht fir déi Leit, déi e BAP, e Brevet d'aptitude pédagogique, oder e CEP, e Certificat d'études pédagogiques, hunn. Zweet Kategorie sinn déi Leit, déi eng Première hunn oder den Equivalent zu enger Lëtzebuurger Première; an dann d'Chargés de cours.

„Aussergewéinlech Zäiten erfuoderen aussergewéinlech Moosnamen“, hu mer oft gesot. Awer wat ech esou vum Terrain matkréien, ass awer duerchaus positiv. A vläicht - ech soe souguer „hoffentlech!“ - kréie mer deen een oder anere vun deene jonke Leit, déi elo engagéiert sinn, fir de Beruff begehert.

Voilà, dat war elo mäi siwente Projet an der Education. Mee mir sinn awer nach net fäerdeg an d'Educatiounskommissioun wäert och nach net an d'Vakanz goen. Mir hunn nach de Projet iwwert den ECG, wou de Claude Lamberty Rapporteur ass. Dann hu mer de Projet iwwert d'Professeurs sursitaires, d'Studiebahihëllefen an de Medezinnstudium op der Uni, wou de Kolleg André Bauler Rapporteur ass. An, ech mengen, et ass mäin erkläertent Zil, dass mer awer esou vill wéi méiglech vun deene Projeten, wann de Staatsrot eis hëlleft, virun der Vakanz clôturéieren an och evakuéieren. Also, wéi gesot, et bleift an der Educatiounskommissioun nach genuch Aarbecht.

Merci soen ech elo just eng Kéier fir déi siwe Projeten an déi véier, déi hannendrukommen, alleguerten de Beamte vum MENJE, déi ganz, ganz fläisseg waren, dem Staatsrot, op dee mer eis wierklech konnten immens verloossen, an dann och eiser ganz, ganz fläisseger Sekretärin, der Madamm Joëlle Merges, a ganz besonnesch awer och alleguerten de Memberen aus der Educatiounskommissioun, fir dat aktivt an engagéiert Matschaffe bei all deene Projeten.

Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmoos, Här Baum. An als éischte Riedner ass nach eng Kéier d'Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Nach eng Kéier merci, Här President. An nach eng Kéier merci dem Rapporteur da fir d'lescht fir haut.

Esou wéi d'Schoul säit dem Neufank nom Confinement organiséiert ass, ass et ganz logesch: Mir brauchen zousätzlech Personal. An et ass och ganz kloer, datt mer do e legislative Kader brauchen. Duerfir si mer och do prinzipiell domadder averstanen. Mee mir hunn awer leider och hei zwee Punkten, déi eis Problemer bereeden.

Dat éischt ass: Mir fannen et schued, dat am Gesetz net kloer drasteet, wéi eng Qualifikatioun gefrot gi fir déi Leit, déi an der Schoul u sech asprangen. D'Staatsbeamtekummer freet dat och. Et ass gesot ginn, et ass mindestens d'Première. Mee mir hätten eis do Kloecheet am Text gewënscht.

Deen zweete Punkt, an do ass d'Françoise Hetto schonn drop agaangen: Fir eis ass definitiv ee Student ee Student, an all Student, dee während der Coronakris opgrond vun Decisiounen vun der Regierung aushëlleft, misst u sech d'selwecht behandelt ginn. D'Regierung huet, wéi gesot, decidéiert, fir Studenten anzustellen an der Santé, an der Education, an der Education moies an der Schoul, mëttes an de Maison-relais. An den Educatiounsministère huet iwwer eng Annonce u sech en Oupriff gemaaht, fir Leit ze fannen, déi während där Pandemie géifen hëllefen. An do steet dran: « à participer à la prise en charge des enfants et à





contribuer ainsi à garantir le bon fonctionnement des écoles et des maisons relais/foyers scolaires ».

Elo ass et awer esou, datt déi Studenten, déi moies an der Schoul asprangen, déi ginn direkt iwwert de Ministère bezuelt an déi kréien, wa se eng Première hunn, ronn 39 Euro pro Stonn. Dat ass, loosse mer emol soen, kee schlechte Studenteloun!

Dat ass awer alles fir eis an der Rei. Fir eis ass awer net an der Rei, wann et grouss Ënnerscheeder ginn. Well genau déi selwecht Studenten, déi sech op déi selwecht Annonce gemellt hunn an déi dann eeben zoufällg mëttes agestallt ginn, déi ginn iwwert d'Prestatairë bezuelt - also och indirekt iergendwéi iwwert de Staat subventionéiert - an déi kréien esou ronn 12 bis 14 Euro d'Stonn.

Ech weess och nach net, wéi déi Aarbecht opgedeelt ginn ass a wéi d'Studenten opgedeelt gi sinn. Wie konnt moies goen? Wie konnt mëttes goen? Ech weess just, datt déi, déi mëttes agestallt gi sinn, datt déi am Prinzip déi schlecht Kaart gezunn hunn.

Wéi gesot, d'Regierung huet d'Decisioun geholl, fir op Studenten zrëckzegräifen. Fir eis ass d'Aarbecht moies genausou wichteg wéi mëttes a mëttes genausou wichteg wéi moies. An duerfir soll d'Regierung derfir suergen, an do ginn et sécherlech och Léisungen, datt Studente mat vergläichbaren Diplomer och d'selwecht honoréiert ginn. Dat ass dat Éischt. An zweetens soll d'Regierung d'Käschte fir all déi Studenten zu 100 % iwwerhuelen an net dat zum Deel op d'Prestatairen ofwälzen.

An aus dese Grënn wäerte mir eis bei deem Projet de loi och enthalten.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. Da wier et un der honorabeler Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Francine Closener (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass weeder de Schoulsystem nach de Programm an och net d'Klassegréisst, wat déi schoulesch Karriär vun engem Kand am meeschte beaflosst. Determinant ass den Enseignant: wéi hien d'Schüler encouragéiert, motivéiert, wéi e Froen an Theemen diskutéiert, ob e selwer vun engem Thema begeeschtert ass. Nëmmen da kann en och seng Schüler dovunner begeeschteren.

Dat ass empiresch bewisen an de Meta-Etüde vum vill zitëierte Bildungsexpert John Hattie. A während dem Confinement an dem Homeschooling huet sech och eemol méi gewisen, datt den digitalen Unterrecht sécherlech eng Ergänzung kann an och soll sinn, awer ganz sécher keen Ersatz ass vum reelle pedagogesche Setting mat engem Pedagog, wa méiglech de préférence mat engem ausgebildete Pedagog.

Mee a Krisenzäite muss ee flexibel si weinst der Opdeelung an A- a B-Klassen. Wéi de Rapporteur et jo ganz richtig erkläert huet - a merci och nach eng Kéier vun eiser Säit fir dese Rapport -, ass et mam Contingent u Léierpersonal, dat schonn an eiem System war, eeben net méi duergaangen.

Aus deem Grond stëmme mer elo dese Projet de loi, deem et erlaabt, op méi Personal fir den Asaz am Fondamental zrëckzegräifen. Ouni dese Renforcement vun eiem Corps enseignant wier d'Organisation vun der Schoul, wéi mer se elo während der Kris gemaach hunn, ganz einfach guer net méiglech gewiescht! Deemno gëllt och all deenen, déi sech hei esou séier gemellt hunn - an et waren der jo iwwer 1.000 - ee ganz grouss Merci!

An et kéint natierlech och e ganz interessanten Exercice sinn, fir bei deene Studenten, déi quasi aus dem Stand eraus an eise Schoulsystem erakomm sinn, eng Enquête ze maache fir ze héieren, wéi si dee System empfangen, wéi si en erlieft hunn. Dobäi kéime ganz bestëmmt konstruktiv Denkestëss a Konklusiounen eraus.

Gradesou interessant wier et fir ze kucken, fir déi Leit effektiv och weiderhin un d'Schoul ze bannen, zum Beispill fir Nohëllefscoursen, zum Beispill awer och fir Hausaufgabenhëllef. An deem Sënn ass et jo och gutt, dat hir Kontrakter iwwert d'Summervakanz nach weiderlafen.

De groussen Zesummenhalt hei zu Lëtzebuerg, Här President, deem drëckt sech och an deem Projet de loi aus. Et geet schliisslech ëm näischt anescht wéi ëm d'Oprechterhale vun eiem Bildungssystem an ëm d'Ersetze vu vulnerabele Leit, an deem Fall vulnerabelen Enseignanten. Duerfir ginn ech natierlech och heizou den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener. An ech ginn d'Wuert direkt virun un déi honorabel Ma-

damm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach eemol e grouss Merci un de Rapporteur Gilles Baum fir déi lescht zwou Woche vill Aarbecht, déi Der gelescht hutt an den exzellente Rapporten, déi eis hei virlouchen an déi Der natierlech exzellent presentéiert hutt.

Et goufen iwwer 1.000 Leit rekrutéiert, hu mer héieren. An et geet net nëmmen duer, hinne Merci ze soen, mee mir mussen hinnen och eng Rechtssécherheet bidden.

Si, dat si vill Jonker, déi och scho virdrun a Jugendhaiser, an de Scouten, a ville Kolonië sech benevoll engagéiert hunn. Dat si Studenten, deenen hir Uni ofgebrach gouf oder déi niift hiren digitale Coursë sech mëttes nach an de Maison-relaisen oder an de Schoule weider engagéieren.

Et geet drëms, dass mer fir si Responsabilitéit iwwerhuelen an dass mer net just hei stinn an opzielen, wat net geet, mee och als Staat hei d'Responsabilitéit assuméiere fir dee ganze System, dee mer opgebaut hunn a wou mer hinnen eeben och hei eng Rechtssécherheet musse ginn, esou wéi ech dat grad scho gesot hunn.

De Ministère huet probéiert, an där ganzer Pandemie a senger Schoulpolitik eng „evidence-based policy“ ze maachen, also fir sech un der Gesondheet ze orientéieren an net just un der ekonomeschen Imperativen. An dat ass fir d'Éischt emol luewenswäert, well et geet ëmmerhin ëm d'Wuel vun de Kanner an natierlech och den Enseignanten. An dëst bedeit, dass ee muss flexibel sinn an dass dynamesch Decisiounen musse geholl ginn, déi een net ëmmer kann am Virus previsibel a perfekt kommunizéiert presentéieren.

Evidenzbaséiert Politik heescht am Kader vun deem, wat mer hei maachen, natierlech och, dass mer schnell musse reagéieren. An dat ass net ëmmer confortabel. Esou diskutéiere mer grad elo am Moment erëm driwwer, ob d'Schoulen net awer erëm op deem ale System sollen ëmschwéngen. Op där anerer Säit, wa mer no de Grënn kucken oder der wëssenschaftlecher Approche, wou mer am Fong awer elo kee Virus méi esou present an eiser Gesellschaft hunn a gläichzäiteg gesinn, dass Kanner net esou vun der Schoul kënne profitéieren, just all zweet Woch a Kontakt mat hirem Enseignant kommen, da muss een och hei erëm kënne sech iwwerleeën, ob een net en fonction vun den Zuele seng Politik erëm muss kënne flexibel änneren.

Ech mengen, genau dat, deem Exercice mécht de Ministère am Moment. Dat ass ganz sécher net einfach an et fuerdert alt erëm eng grouss Flexibilitéit vun den Enseignanten um Terrain a vun där ganzer Schoulorganisatioun. Ech hunn en enorme Respekt virun deem, wat si an deene leschte Wochen hu misse leeschten a wat natierlech och dann elo eventuell kann op si zoukommen.

Ech wëll awer och hei ganz kuerz soen, éier mer ophalen an där Diskussioun, dass ech och grouss Respekt hu virun de Mataarbechter um Ministère, fir déi et definitiv och net einfach ass, alleguerten déi Saachen do ze berechnen. Déi Modeller, dat ass sécher eng grouss Erausforderung gewiescht fir si. An och do, fannen ech, gehéiert hinnen e grouss Merci, fir eeben dee Courage och ze hunn, an dëser Situatioun ëmmer erëm à courte vue mussen Decisiounen ze huelen an déi natierlech och dobaussen ze verteidigen. Dat ass ganz sécher net einfach. Mee d'Wuel vun de Schüler ass dat, wat muss am Vierdergrond stoen. An dat ass déi héchsten Direktiv, no där mer eis solle rüchten, souwuel gesondheetlech, mee awer och an der ganzheetlecher Approche, fir d'Bildung vun eise Schüler ze garantéieren.

An deem Sënn droe mir och dese Projet de loi ganz gäre mat. Et geet ëm Rechtssécherheet an ëm eng gutt Continuation vun eiem Schoulsystem. An an deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och dann nach eng Kéier de Merci un den Här Baum fir seng wierklech grouss Fläissaarbecht.

An eisen Aen, mengen ech, ass et wichteg, hei nach eng Kéier ze betounen, datt mer jo hei an engem Zenario si vun enger Gestiou vun enger relativ chaotescher Situatioun. Et ass hei drëm gaangen, an dat huet de Staatsrot och gesot, fir méiglechst séier manner qualifizéiert Leit, méiglechst vill manner qualifizéiert Leit kënne ze engagéieren, fir dee Modell vun

Enseignement, vu Rentrée, deem den Här Meisch proposéiert huet, kënne ze realiséieren. Dat ass natierlech keng optimal Viraussetzung.

An ech fänke vläicht un, ech hunn e puer Kommentaren, mee ech fänke vläicht un, deem Aspekt vun der Qualifikatioun e bësse méi ze belichten, an zwar vläicht och a sproochlecher Hisiicht. Well ech wär net bei der ADR, wann dat net wichteg wär.

Mir hunn hei gesot kritt: „Et ass wichteg, datt d'Leit Lëtzebuergesch kënne“, well Lëtzebuergesch ass an där ganzer Primärschoul an och virdrun en Deel vum Programm. Ech mengen, et ass ëmmer virgeschriwwen, datt d'Leit musse kënne Lëtzebuergesch schwätzen an datt d'Kanner dat solle léieren.

Elo ass et awer esou, datt net jidderee mat Première iwwerhaupt nach Lëtzebuergesch kann oder datt mer dat einfach kënne viraussetzen. Mir hunn an der Tëschenzäit an eiem Schoulsystem och Klassen à régime linguistique spécifique, wou net méi garantéiert ass, datt jiddereen déi dräi administrativ Sproocher vum Land op engem gudden Niveau kann. Mir hunn och ewell international Schoule mat engem Diplom aus der Lëtzebuergescher öffentlecher Schoul a mir mussen ufänken an eis froen: Wat ass dann eigentlech de Sproochenniveau? Wéi eng Sprooch kënne déi Leit nach, déi mat enger Lëtzebuergescher Première wierklech untrieden?

Dann: Hunn déi Leit wierklech alleguer den Niveau Première? Den Här Baum huet eis dat hei gesot. En huet gesot, ech mengen, et woren iwwer 1.000 Leit, an en huet eis do ënnerstrach, datt jiddereen eng Première huet, op d'mannst. Mee firwat ass dat Gesetz dann esou redigéiert?

Wann een d'Gesetz kuckt, da gesäit een, datt op d'mannst zwou Dispositiounen drastinn, wou eigentlech Ausname virgesi sinn. Et steet do bei enger Dispositioun am Gesetz an enger op enger Websäit vum Unterrechtsministère. De Gesetzesprojet, dee mer hei solle stëmme, deem huet eng extra Dispositioun fir Leit, déi keng Première hunn. Do steet: « Le chargé de cours ne pouvant pas se prévaloir des diplômes cités aux lettres a) et b) » - an do steet d'Première dran -, dee kritt eeben déi an déi Indemnitéit.

Firwat brauche mer dat dann, wann de Wëlle besteet, datt jiddereen eng Première huet? Op där Websäit, wou d'Leit sech konnte melle fir de Pool national études surveillées oder Pool national accueil d'enfants, do konnt ee säi Profil ukräizen. A bei deem Profil, deem ee kann hunn, steet kloer „sans diplôme“. Och déi Leit konnte sech mellen!

Ass dat dann elo wierklech esou, datt jiddereen eng Première huet? A wann dat da wierklech de Wëlle vun der Regierung ass, firwat sinn déi Ausnamen oder déi Méiglecheeten iwwerhaupt virgesinn, fir sech ouni Diplom kënne ze mellen? An dat Gesetz erméiglecht och, datt déi Leit remuneréiert ginn.

Eng zweet Consideratioun betrëfft, wéi déi Leit agesat ginn. Ech wëll dat elo net weider verdeiwen, well mer scho virdrun an Diskussiounen hei waren. Mee mir mussen einfach wësen, datt esou vill Kanner an deenen Études surveillées sinn, an och nomëttes, an och well esou vill Enseignantë feelen, zum Deel, well se vulnerabel sinn, datt et einfach esou ass, datt déi Leit hei och schoulesch Aktivitéite musse maachen. Do féiert kee Wee derlaanscht. Dat ass einfach eng normativ (veuillez lire: eng objektiv) faktesch Saach. An da musse mer eis eebe froen: Ass dat eng optimal Situatioun, datt déi Studenten, bei deene mer scho virdrun iwwer verschidden Defiziter geschwat haten, och an deene Funktiounen aktiv sinn?

Eng drëtt Consideratioun, dat, mengen ech, hunn d'Virriedner och schonn ugeschwat, ass einfach déi vun der Gerechtegkeet, datt déi eng Studenten anescht bezuelt gi wéi déi aner, datt déi eng eng steierlech Exemption hunn, déi aner net. Do gesi mir esou e grondleend Problem, datt mer dese Projet och net wäerte matstëmme.

An eng véiert Consideratioun betrëfft d'Durée vum Engagement. Mir haten an deem Projet virdru Leit, déi hu mer engagéiert bis de 15. Juli. Hei engagéiere mer Leit bis de 15. September. An interessant ass, datt hei gesot gëtt, datt déi Leit och Nohëllefstonne kënne ginn an der Vakanz. Dobäi ass ze wëssen, datt souwuel an der Ouschtervakanz wéi an der Päischtervakanz de Minister gesot huet, et sollte keng Vakanzarbechten organiséiert ginn. Déi Kanner hätten hir Vakanz zegutt. Elo an der grousser Vakanz soll et gemaach ginn.

Mee wie vun deenen 1.000 Leit soll dann déi Nohëllefstonne ginn? Ass dat obligatoresch? Wéi gëtt gesot, wéi eng Kanner sollen Nohëllefstonne kréien a wéi eng net? Mussen d'Elteren d'accord sinn? Däerf se an d'Vakanz fueren, wa se sollen Nohëllefstonne kréien,

souwuel d'Enseignantë wéi déi Schüler, déi eventuell nach Defiziter opweisen?

Firwat gëtt net méi brevetéiert Personal geholl? Mir gesinn haut nach, datt brevetéiert Léierpersonal geholl gëtt fir an de SCRIPT oder an aner Instanzen, déi éischer zum administrative Waasserkapp vum Unterrechtsministère gehéieren. Besonnesch, an dësen Zäite wär et wichteg gewiescht, fir brevetéiert Léierpersonal bei d'Schüler ze huelen, elo wou mer higinn a mir musse bis zu 1.000 Leit, déi net déi selwecht Qualifikatiounen hunn, ganz séier rekrutéieren.

Wéi eng Formatioun hunn déi Leit kritt? Mir haten dat och an enger Question parlementaire schonn opgeworf. An ech mengen, mir hunn nach keng Antwort dorobber kritt. Do ass gesot ginn, déi krite een Dag Formatioun, een Dag Formatioun. Wéi si se kontrolléiert ginn? Wéi wësse mer, ob hir Moralitéit wierklech deem entsprécht, wat mer mussen hunn, fir bei d'Kanner ze kommen?

Et sinn esou vill Froen an dofir kommen ech op dat zrëck, wat ech am Ufank gesot hunn. Mir sinn iwwerzeegt, datt mer hei eng Gestiou oder de Versuch vun enger Gestiou vun enger chaotescher Situatioun hunn, déi mer net hätte missen hunn. Dat war e Choix, e politesche Choix vun der Regierung, fir d'Rentrée esou ze organiséieren.

Vill Froen, vill Ongerechtegkeeten, vill Onsécherheeten, dat ass net esou, wéi mir eis eng Legislatioun am Unterrechtswiesen oder iwwerhaupt virstellen. An dofir wäerte mir dëst Gesetz net matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech wäert mech ganz kuerz faassen. Ech felicitéieren och dem Här Baum fir säi siwente Rapport dozou. Mir wäerten deem heite Projet de loi matstëmme.

Et ware länger Diskussiounen natierlech an der Educatiounskommissioun, zemools wou et ëm déi Remplaçantë giong, déi keng Première wäerten hunn. Sou wéi ech et verstanen hunn, ass et de Wonsch, fir éischer op Leit zrëckzegräifen, déi eng hunn an déi och en Diplom hunn. Mee falls dat net de Fall ass, a mir si jo awer an enger komplizierter Situatioun, da wier dee Problem awer och esou gereegelt. Et ass net ideal. Ech weess och net, wéi mir et an deem Fall do aneschters gemaach hätten.

Et muss een heiansdo och e bëssen ..., et muss een och heiansdo éierlech sinn. Dofir wäerte mer deem heite Projet matstëmme.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt villmools merci, sou wéi den David Wagner et gesot huet, fir de siwente Rapport an deenen heiten Dossiere vum Gilles Baum. Ech denken, datt der do nach e puer nokomme virun der Summervakanz, en huet eis et annoncéiert. An deementspriedend wäerte mer nach e bëssen eppes ze schaffe kréien hei.

Wéi scho beim Projet de loi 7588 ugedeit, si mir weiderhin derfir, d'Schouלקlassen an zwou Gruppen anzedeele, a mat der Zoustëmmung zum 7588 ass et dann och logesch, datt mer d'Konsequenze vun engem Zweegruppesystem natierlech matdroe mussen. Et ass esou, datt, wien A seet, och B matdroe muss, respektiv, wien eng A-Grupp huet, brauch och eng B-Grupp. Et ass nämlech esou, datt, wa mer méi Gruppen hunn, mer méi Personal brauchen. A grad wa mer dann och nach vulnerabelt Personal hunn, musse mer dat ersetzen.

Optimal wär et, wa mer iwwerall gutt ausgebilte Leit op Ofuff prett hätten, déi déi Ausfäll oder déi Méiaarbecht kéinten ersetzen. Mir wëssen alleguerten, datt dat grad am Léierwiesen net de Fall ass, datt mer do keng grouss Reserven hunn, wou een einfach emol esou déi Méiaarbecht kéint ofdecken.

Deementspriedend ass dese Projet de loi u sech eng Noutléisung. Et ass eng Léisung, déi séier huet misse getraff ginn, fir engem Besoin um Terrain gerecht ze ginn a fir domadder ze garantéieren, datt d'Schülerinnen an d'Schüler iwwerhaupt konnten an d'Schoul goen, an dat an engem aneren, mee zumindest an engem Kader.





Mir Piraten begrëssen duerfir, datt et séier goug, schonn am Règlement grand-ducal d'urgence geholl gouf an elo eebe per Gesetz. Mir stëmmen awer och der Kritik vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics zou, datt d'Kandidaten awer weinstens e Minimum un Experienz am Beräich Kannerbetreuung sollten hunn, wann dat och nëmmen iergendwou méiglech ass, an ech soen: „wann dat iergendwou méiglech ass“. Dat ass, wann ee realistesch bleift, natierlech net ëmmer méiglech. A mir hunn einfach, och mat den Unien, déi ausgesat sinn, net genuch qualifizéiert Studentinnen a Studenten, fir der aktueller Demande kënnen gerecht ze ginn.

Duerfir deelen ech dem David Wagner säi Gefill, datt ech net weess, wéi een et anescht hätt kënnen maachen, wann ee genuch Personal an der Schoul wëllt a muss mobiliséieren. Et wär also gutt, wann déi Kandidaten eng intensiv Formatioun géife kréien.

Et wär gutt, wann déi Kandidat vläicht och duerch dat Schnupperen hei um Schoulwiese de Goût dru kréichen a vläicht am nächste Schouljoer eeben da sech op de Wee maachen, fir regulär kënnen rekrutéiert ze ginn. Wann e puer vun deene Kandidaten, déi do konnte rekrutéiert ginn, dee Wee géifen aschloen, dann hätt dese Gesetzestext net nëmmen den Avantage gehat, datt mer enger Urgence konnte Rechnung droen, mee och deen, datt mer vläicht souguer eng Klenggeheet gutt gemaach hunn, fir laangfristeg méi Personal am Unterrichtswesen ze mobiliséieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass en Noutnol, dee mer hei stëmmen. Mee nichtsdestotzotz muss mer e stëmmen. An duerfir wäerten och d'Piraten den Accord ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nach eemol dem Gilles Baum merci. A merci all den Intervenanten. Ech wëll e puer Remarken nach just derbäifügen.

D'Qualifikatioun, ech mengen, do si mer eis an der Interpretatioun eens, datt mer hei nëmme Leit rekrutéiert hunn, fir Schoul ze halen, fir an der Schoul ze ersetze wéi och an deene B-Woche moies déi Études surveillées ze assurieren, déi eng Première hunn, och wann dat net nach eng Kéier explizitt esou am Text hei steet. Do gëllt dat normalt Gesetz vun de Chargéen, vun deenen, déi mer als Remplaçant bis elo ëmmer konnten huelen. Déi eenzeg Exceptioun, déi mer hei gemaach hunn, dat ass, datt mer déi véier Woche Stage, fir Remplacementen kënnen ze maachen, net konnte maachen, noutgedrongen, well keng Schoul war virun an a well mer déi véier Wochen net haten.

Domadder hu mer also näischt Exceptionnelles gemaach. Domadder hu mer eigentlech déi Grundvoraussetzungen erfüllt, déi d'Leit och bis elo hu missen erfüllen, wa se e puer Deeg, e puer Wochen, heiansdo e puer Méint, jo heiansdo e ganz Joer eng Klass à charge hatten, an dat eleng an dat fir déi komplex Situation, déi dann awer den Titulaire de classe souguer heiansdo huet missen assurieren.

An deem Sënn hu mer hei sécherlech näischt gemaach, wat net schonn an deene leschten 30 Joer de Fall gewiescht wär. Well ech denken, jiddereen heibannen ass sech jo bewosst, datt mer an deene leschten 30 Joer ëmmer nees Chargé-de-coursen hu misse rekrutéieren, fir de Fonctionnement vun de Grondschoulen ze assurieren, an datt dat ëmmer op Basis vun enger Première war, wou do rekrutéiert ginn ass.

Mir hunn duerfir och gekuckt, datt mer déi Leit, déi eng Première hate bei deenen, déi sech gemellt haten, och vun de Studenten, datt mer déi natierlech a Richtung vun de Schoulaktivitéiten, de Moiesaktivitéiten éischter orientéiert hunn. An déi, déi keng Première haten, deenen hu mer éischter proposéiert, och vläicht mëttes da bei de Maison-relais kënnen aktiv ze ginn. An dat erkläert eeben och nach eng Kéier, datt dee Student, dee moies bei der Schoul intervenéiert oder an der Étude surveillée intervenéiert, datt deen eeben och ënner anere Konditiounen agestellt gouf wéi deen, dee mëttes bei de Gemengen, bei de Maison-relais intervenéiert huet. Moies huet deen eebe genau déi selwecht Konditiounen

kritt wéi een, dee soss och par ailleurs iwwert d'Joren ersetze kënn an der Éducation nationale. A mëttes huet deen eeben déi Konditiounen kritt, déi Studenten an esou enger änlecher Aktivitéit eebe kréien, déi se zum Beispill bei Vakanzenaktivitéite bei deene selwechten Träger an der Reegel och proposéiert kréien.

Dat erkläert déi Kohärenz, déi hei applizéiert gouf. A mir hunn hei net probéiert, datt mer soen: „Elo maache mer eppes isoléiert fir de Covid a mir wennen do just déi Konditiounen un“, well do hätte mer jo da Widderspréch kritt tëschent deenen, déi an der Reegel bei eis zum Beispill ersetze kommen an deene mer ëmmer ganz dankbar sinn, datt se do sinn, par rapport zu deenen, déi elo genau déi selwecht Aarbecht gemaach hätten an déi awer net déi selwecht Unerkennung do kritt hätten. Dat war déi Logik, déi mer do applizéiert hunn. An dat huet zu där Situatioun gefouert, déi mer hei hunn.

Wann een och aner Konditiounen huet missen erfüllen, net ëmmer erfüllt huet, mee huet missen erfüllen, fir eng Aufgab och kënnen hei an deem Kontext ze iwwerhuelen, erkläert dat, denken ech, och nach eng Kéier, wéi et iwwerall an der Fonction publique ass, op ganz villen anere Plazen ass, wann et ëm Remuneration, ëm Karrière geet, datt een dann och deement-sprechend aneschtens remuneréiert ginn ass. An deen Ennerscheed hunn ech jo hei och elo nach eng Kéier tëschent de Moiesaktivitéite fir d'Éducation nationale an de Mëttesaktivitéite fir Maison-relais a Gemengen erkläert.

Ech hoffen, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir alleguerten, datt mer hei vun deenen 1.000, iwwer 1.000 jonke Leit virun allem, déi mer mobiliséiert hunn, déi glécklecherweis disponibel waren, déi eiseum Opuff ganz schnell nokomm sinn a gesot hunn: „Jo, ech hunn elo Zäit. Jo, ech hu mäi Studium missen ënnerbrieche weinst der Covidsituatioun. Ech hu keng Virlesungen. Jo, ech wëll hei elo eng Hand mat upaken an en Job mat iwwerhuelen“, ... Ech wëll deenen e grouse Merci soen an ech hoffen eigentlech, datt deen een oder deen anere sech inspiréiert fillt duerch dat, wat e gemaach huet, an erausfonnt huet, ob e géeeget ass fir en educative Beruff, fir vläicht dat zu senger Berufung ze maachen, an sech duerno dann och professionell an déi dote Richtung ka weiterentwickelen. Dat wär sécherlech e ganz flotten Nieweneffekt dann nach eng Kéier nodréiglech, dee mer vläicht an e puer Joer dann eréischt kënnen feststellen, vun deser Covidsituatioun.

Ofschléissend no deser Staffel vu Covidgesetzter ronderëm den Domän vun der Education, och lech alleguerten, Här President, souwuel vun der Chamber wéi och dem President vun der Educationskommissioun an de Membere ganz besonnesch vun der Educationskommissioun, mee och jidderengem hei am Haus e grouse Merci.

Mir waren eis net ëmmer alleguerten eens an deene Punkten do. Ech fannen et richtig a gutt, datt och alles kritesch hannerfrot ginn ass, well och a Krisenzäite muss munches kritesch hannerfrot ginn. Och wa ganz besonnesch schnell heiansdo Decisiounen hu misse geholl ginn, déi net alleguerte konnten ofgewie ginn, ass et wichtig, datt och emol kritesch Stëmmen do sinn. An där sinn och hei am Haus komm, an aus alle Fraktiounen, denken ech, si se komm, heiansdo emol vun deenen engen e bësse méi haart a vun deenen aneren e bësse méi lues. Mee dat gehéiert och zu de Reegelen hei am Haus. An ech denken, datt dat finalement dann awer nach dozou bäigedroen huet, datt mer hei gutt Léisungen zesumme konnte fannen an datt mer awer elo am Réckbléck kënnen soen, datt mer dach relativ gutt do derduerchkomm sinn, wat d'Education ubelaangt, an awer nach eng Rei vun Etappe virun eis hunn, bis mer komplett zur Normalitéit kënnen zrëckfannen.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zu ...

Do ass nach eng Wuertmeldung vun der honorabler Madamm Reding. Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Reding** (*CSV*).- Här President, wann Der erlaabt, ech wollt eng Bemierkung maachen, well et sinn esou vill Mercie gefall haut, souwuel vum Minister an och vun den Deputéierten, a ganz richtig Mercien un déi alleguerten, déi sech drëms bekëmmert hunn, fir datt den Unterrecht awer ënner schwierige Konditiounen iergendwéi konnt stattfannen.

Ech sinn elo ee vun deene Raren hei am héijen Haus, déi keng Responsabilitéit an der Gemeng hunn. An dofir mengen ech, däréiert ech a sollt ech Folgendes soen: Ech hunn elo während all där Zäit observéiert, wat eis Gemengepappen a

-mammen hu misse leeschten, fir datt den Unterrecht konnt stattfannen. An dat war eng Leeschtung! An ech mengen, eleng fir dat Ganz ze organisieren, fir den Transport hinze kréien, fir d'Säll, fir, fir, fir ...

Ech hunn dat matkritt, vun alle Parteien iwwergens, an ech wollt emol am Numm vun eis all-egierten hinne Merci soen: « Vous êtes des héros ! »

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Brouhaha*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Reding. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung ...

D'Madamm Hetto nach.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (*CSV*).- Jo, merci, Här President. Ma ech wollt nach eng Fro un den Här Minister stellen, wann Der erlaabt. Mir si jo elo beim Personal gewiescht, a wann ech lech richtig verstanen hunn, hunn ech gespuert elo éineschters, dass Der eigentlech frou wiert, wann Der kéint déi lescht Woch oder déi lescht zwou Wochen déi A- a B-Gruppen eventuell erëm zsummeféieren. Et stellt sech awer fir d'Leit dobaussen um Terrain, fir déi jonk Studenten, déi Der engagéiert hutt, fir d'Übungswochen d'Fro: „Wat geschitt mat eise Kontrakter?“ An ech hat lech déi Fro elo éineschters gestallt. Dir hat mer awer net géantwert. Do wär ech frou, wann ech elo kéint eng Antwort kréien.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert un den Här Meisch.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här President, ech soen der Madamm Hetto villmools Merci fir dee kleng Rappel. Ech mengen, et ass wichtig, dat kloerzestellen. Wa mer et esou maachen, datt mer déi lescht zwou Woche respektiv méindes den 29. Juni nach eng Kéier d'A- an d'B-Gruppe géifen zsummeféieren, da géife mer och d'Personal zsummeféieren. Dat heescht, déi Kontrakter lafe weider. Mir wäerte weider och op déi Leit zrëckgräfen.

Dat heescht, da sinn och zwee Enseignanté respektiv Remplaçanten och all Kéiers bei deene Gruppen dobäi, den Enseignant vun der Klass an och deen, deen d'B-Grupp assuréiert huet. Dat erlaabt eis, grad och do nach eng Kéier differenzéiert kënnen ze schaffen an och op déi eventuell Lacunnen aus der laanger Zäit vum Homeschooling kënnen anzegoen. An déi sinn a waren immens wäertvoll, déi Leit bis elo, a wäerten och wäertvoll bleiwen, och wa mer d'A- an d'B-Gruppen erëm zsummeféieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Ech gesinn elo keng Wuertmeldung méi. Da kënnen mer awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7579 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7579<sup>7</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7579 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Ech maachen duerno den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, sollt d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

### Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi 7579 ass mat 35 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. 7603 - Projet de loi portant

### 1. dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ;

### 2. modification du Code du travail

Dee leschte Punkt vun eiseum Ordre du jour ass de Projet de loi 7603, eng weider Ofännerung vum Aarbechtsrecht. An ech ginn direkt d'Wuert un den honorabelen Här Georges Engel als Rapporteur vun dësem Projet. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, während dem État de crise goufen eng ganz Rei vun Derogatiounen zum geltenden Aarbechtsrecht geholl. Mam Enn vum État de crise sinn dës Reglementer dann opgehuewen. Duerfir brauche mer elo e Gesetz, well eng ganz Partie Mesuren, déi gi wäit iwwert den État de crise eraus. D'Auswierkunge ginn iwwert déi Period eraus, soudass mer deem an engem Gesetz musse Rechnung droen. A bei enger ganzer Rei vu Bestëmmunge ginn d'Delaie verlängert oder d'Zäit vum État de crise gëtt fir d'Berechnunge vun deenen Delaie ausgeklamert.

Dat gëllt zum Beispill fir Salariéen, déi an deenen Entreprisë schaffen, déi hu missen zoumaachen oder/an de Chômage partiel Covid-19 kruten. Dat gëllt och fir de Schutz virun der Entloossung am Krankheitsfall während de 26 Wochen. Dat gëllt och beim Reklassement oder an de Verhandlungen am Kader vun engem Sozialplang.

Änlech Derogatiounen gëtt et och am Sënn vun de Leit, déi am Chômage sinn. D'Recht op eng Indemnisation vum Chômage gëtt ëm d'Dauer vum État de crise verlängert. Dat selwecht gëllt fir d'Dispens, fir all proposéiert Aarbechten unzehuele fir Chômeuren, déi sech wëlle selbststänneg maachen. D'ADEM kritt och méi Zäit, fir dem Chômeur eng Konvention unzuebilden, eng Convention de collaboration individualisée, wéi déi genannt gëtt, an och fir anerersäits den Entreprisë Kandidaturen ze proposieren.

Déi Stonnen, déi tëschent dem 1. Januar an dem 31. Juli vun dësem Joer opgrond vum Chômage partiel manner geschafft gi sinn, déi ginn dann och immuniséiert bei der Berechnung vun den 1.022 Stonnen am Joer, ëm déi d'Aarbechtzäit ka verkierzt ginn. Dat ass zimmlech technesch, mee déi Leit, ëm déi et geet, an déi Leit, déi domadder befaasst sinn, déi wësse genau, ëm wat datt et geet, an déi sinn och frou iwwert dës Mesure.

Administrativ Vereinfachunge bei der Demande vun Chômage partiel respektiv beim Dekont um Enn vum Mount ginn och iwwert d'Enn vum État de crise eraus verlängert. A fir déi Zäit vum État de crise iwwerhëlt de Staat déi finanziell Bedeelegung bei den Employeuren, déi normalerweis den Employeur misst bezuelen am Fall vun engem Contrat, déi do heeschen: „de réinsertion-emploi“, „d'appui-emploi“ oder „d'initiation à l'emploi“. Eng gutt Hëllef also vum Staat och do fir den Employeur.

E puer Bestëmmunge betreffen de Fonctionnement vun der Commission mixte de reclassement. Während dem État de crise war op d'Obligation fir d'Personal aus dem Spidols- a Flee-gesecteur, fir bei den Aarbechtssdokter ze goen, verzicht ginn. Dës Derogatioun zum Aarbechtsrecht gouf zwar entre-temps opgehuewen, mee well dës Suspensioun och iwwert den Datum vum 25. Juni eraus nach eng Rei vu Repercussiounen huet, gëtt et heizou och eng Dispositioun an dësem Projet de loi.

Weider Derogatiounen gouf et, fir Studenten, Leit am Reklassement oder an der Preretraite kënnen ze mobiliséieren, fir an deenen essenzielle Beräicher, déi mer haten an déi onbedéngt wichtig waren, datt déi besat waren, och kënnen temporaire ze schaffen.

Studenten, déi an deem Kontext e Kontrakt kruten, fir 40 Stonnen ze schaffen, déi kënnen dës Kontrakt nach fäerdeg maachen. Si kréien awer elo an där Form keen neie Kontrakt méi.

Indemnitéiten, déi Leit am Reklassement fir esou essenziell Aarbechte kruten, ginn net vun hirer Indemnité compensatoire ofgezunn. An esou Montante ginn och fir Leit an der Preretraite neutraliséiert bei der Berechnung vum Revenu accessoire annuel.